




Zoom 1200^{mm}

Zoom op d'Studentenzeen

D'STUDENTENZEITUNG

Edition 2013

B.P. 63 L-7201 Bereldange • contact@acel.lu • www.acel.lu



SOMMAIRE

D'ACEL	2
Student fir 1 Dag	2
Ebelwei Expresß zu Frankfurt	4
Individuum	5
ANESEC - d'lëtzebuerger	
Eco-Studente	6
Abenteur Studéieren!	7
Straßbourg REELoaded!	8
Guide du Futur Etudiant	9
Guide du Futur Diplômé	9
Rätsel	10
D'ALEM um MarchMeeting	12
Doktoranteninterview	13
Testen an Neuseeland	14
LSD	15
Top 10 Unistied	15
Ech a mäi Studium	16

Editorial

Léif Lieser,

Pünktlech fir d'Foire de l'Etudiant ass en erëm do: de Zoom1200^{mm}.

De Zoom1200^{mm} ass eng flott Méiglechkeet eng Kéier e bëssen méi déif an d'lëtzebuerger Studenteliewen anzedauchen. Nieft engem Réckbléck op d'REEL 2013, Berichter iwwer Auslandserfahrungen an engem Doktoranteninterview fannt Dir am Zoom1200^{mm} och Presentatiounen vun den Membercerclen an hiren Intercercler Aktivitéiten.

Och dëst Joer gëtt eis kleng Zeitung erëm zesumme mam Tageblatt verdeelt, wat eis et erlaabt e grouse Public ze erreechen. Geschriwwen gouf en vun villen motivéierten Leit aus den Cerclen an vun anerwärts, déi eppes interessantes erlieft hunn an hier Experienzen deelen wollten.

Natierlech geet och e ganz groussen Merci un all déi Leit déi di flott Artikelen fir de Zoom1200^{mm} geschriwwen hunn an un all eis Partner, déi et méiglech maachen all Joers erëm esou flott Projeten ze realiséieren.



Jil Welter
Éditeur

Léif Lieser



D'ACEL ass frou fir iech och dëst Joer rëm duerch de Zoom1200^{mm} een Abléck an déi lëtzebuerger Studentenszeen kënnen ze bidden. Mam Zoom1200^{mm} wëlle mir an éischter Linn d'Schüler op der Studentefoire uschwätzen an hinnen ee kleng Virgeschmaach op déi spannend Joere ginn, déi si als Student wäerten erliewen. Well de Zoom1200^{mm} sech awer och u Leit richt, déi eventuell net a permanentem Kontakt mat der Héichschoulwelt stinn, si mir frou datt eis d'Méiglechkeet gi gëtt dës Zeitung zesummen mam Tageblatt ze verdeelen.

1984 als politesch Sproochrouer zu Karlsruhe gegrënnt, vertritt d'ACEL hautdesdaags 42 Studentencercelen an ass domadder dee wuel gréisste Studentevertrieder zu Lëtzebuerg. Déi dräi Haaptpillere vun der ACEL sinn: Schüler a Studenten informéieren, Studente representéieren an d'Studenten zesummebréngen. Aus der Zesummenaarbecht vu ville kreative Käpp sinn am Laf vun de Joeren eng ganz Panoplie un Evenementer an

Informationsbroschüren entstanen.

Déi zwou Haaptpublikatiounen, den "Guide du Futur Étudiant" fir Schüler an de "Guide du Futur Diplômé" fir all jonken Diploméierten, sinn zwou éischtklasseg Informationsquellen déi mir gratis zur Verfügung stellen. Och um politesche Plang ass d'ACEL ganz aktiv. Sou stoungen dëst Joer, ënnert anere de "statut étudiant" bei der Gesondheetskeess, d'Pensiounsreform an divers Entrevuen um Programm.

Och d'REEL, déi dëst Joer am Zeeche vun der Wëssenschaft an Technik stoung, ass e fixen Datum am Kalenner vun der ACEL. Op dëser Plaz felicitéieren ech dann och dem Oochener Comité vun der REEL fir déi gelongen Organisatioun.

Iwwert d'ganz Joer organiséieren d'Cerclé vun der ACEL verschidde sportlech, kulturell a bibitiv Aktivitéiten, wou d'Studenten, déi duerch d'ganz Welt verspreeet studéieren, zesumme kommen. Vun de gréissere Manifestatiounen vun der ACEL bleift de Studentebal wuel dee bekanntesten. Awer och den Tournoi de Noël gëllt et net ze verpassen. Hei kënnen Studente sech a verschidde sportlechen Disziplinne bewisen.

Elo hunn ech awer genuch iwwert d'ACEL an hir Aktivitéite gezielt an et bleift mir just nach vill Spaass beim Liesen ze wënschen.

Melanie Elsen
Präsidentin

IWWERBLÉCK

Abenteur Studéieren

Ech hunn vum Ufank vun mengem Studium bis elo vill erlieft an ech sinn ma sécher, dass ech meng Studienzäit ni bereien wäert. Alles huet ugefaangen, dass ech 2010 meng Première gepackt hunn an sech d'Fro gestallt huet, wou ech dann elo weider studéieren an duerch Zoufall sinn ech zu Nanzeg gelant, do kann een elo soen dat ass jo net wierklech am Ausland, well et esou no zu Lëtzebuerg ass, an awer hunn ech ugefaangen alleng ze wunnen, mir een neit Liewen mat neien Kollegen opzebauen an dat fir viraussichtlech 3 Joer....

» 7

Strasbourg REELoaded, Nondidjöö!

Et ass matten an der Nuecht. Et reent. De Wand bléist an et ass eigentlech kee Wieder fir virun d'Diier ze goën. Mä trotzdem stinn eng ronn 120 Studenten vun deene verschiddensten Studentestied zu Dikkrach an um P+R Houwald op Busser ze waarden – a si hunn ee gudde Grond – et geet nämlech op Stroosbuerg, fir genau ze sinn op déi 29. Oplag vun der Réunion Européenne des Etudiants Luxembourgeois, kuerz REEL....

» 8

Luxemburger StudentenDüsseldorf

LSD - Hinter diesem vielsagenden Kürzel verstecken sich die Luxemburger Studenten Düsseldorf.

Unsere Studentenverbindung wurde erst kürzlich gegründet, trotzdem haben sich schon 30 Mitglieder zusammengefunden. Unseren Einstand in die Familie der Studentenverbindungen hatten wir auf dem diesjährigen „ACEL Studentebal“....

» 15

D'ACEL - däin Studentevertrieder

Aus engem Grapp voll engagéierte Studenten, déi 1984 decidéiert hu sech zesummenzedoe fir besser gehéiert ze ginn, ass eng Associatioun ginn, déi net méi aus dem lëtzebuerger Studentemilieu ewech ze denken ass. D'Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois (ACEL) vertritt haut net manner wei 42 Studentecerclen déi duerch d'ganz Welt verspreet sinn. Dëst mécht d'ACEL zum Représentant vun ronn 10.000 Studenten an ass domadder de gréissten an wichtigsten Studentevertrieder zu Lëtzebuerg.

D'ACEL ass ideologesch a politesch neutral.

Vill lëtzebuerger Studente sinn derzou gewongen hirt Studium am Ausland ze maachen well d'Unzuel u komplette Studiegäng déi d'Universitéit Lëtzebuerg ubitt begrenzt ass. Dëst ass eng eenzegaarteg Situatioun, déi grouss Virdeeler mat sech bréngt an zur Grënnung vu Studentevereenegungen a villen europäesche Stied gefouert huet. 37 „Cercles“ bilden haut déi aktiv Membere vun der ACEL a sinn op 11 Länner verdeelt. Dorënner ass d'Belge, Däitschland, Frankräich, England, Irland, Éisträich, Schweden, Schwäiz, Kanada, Amerika a natierlech Lëtzebuerg. Dës Vereenegungen empfänken a vereenen d'lëtzebuerger Studente während hirer Studienzäit an de jeeweilegen Stied. Derno ginn et nach 5 fachspezifesch Cercles (Medeziner, Economisten, Juristen, Psychologen an d'Ingenieuren).

Säit senger Grënnung huet sech den Daachverband dräi Haaptaufgaben gesat:

Zesummebrénge vun de lëtzebuergesche Studenten am Ausland, wéi och zu Lëtzebuerg. **Representatioun** a Verdeedegung vun de Rechter vun de Studenten ob nationalem an internationalen Niveau. **Informatioun** vun de Studenten an den zukünftege Studenten.

Zesummebréngen: D'ACEL organiséiert verschidden Evenementer fir d'Studenten zesummenzebréngen an den Echange zwëschen de Studenten ze fuerderen.

De gréissten Event am Joer ass ouni Zweiwel de „Studentebal“. Mat sengem eenzegaartegen Konzept bréngt en an engem Owend déi verschidde Kulturen an Traditionen aus deene verschiddenen europäesche Studentestied zesummen.

En anert wichtegt Evenement am Kalenner vun all Student ass den „Tournoi de Noël“. An deem Sportturnéier trieden Equipen aus de verschiddenen Unisstied am Volleyball, Fussball a Basket während zwee Deeg géinteneen un. Den Erléis geet un e gudden Zweck.

Informatioun: D'ACEL bréngt net nëmmen hier Studenten zesummen mä informéiert se och. Dëst mécht se mat Hëllef vun hirem „Guide du Futur Diplômé“, deen geduecht ass dem jonken Diploméierten eng Starthëllef ze sinn fir an d'Aarbechtswelt. Doriwwer eraus huet d'ACEL sech och als Ziel gesat déi zukünftege Studenten ze informéieren, an zwar mat hirem „Guide du Futur Étudiant“, deen all Joer am September nei eraus kennt.

De „Guide du Futur Étudiant“, den et säit 1987 gëtt, informéiert zukünftege Studenten aus éischter Hand iwwert d'Liewen an d'Studienméiglechkeeten an de verschiddenen Unisstied.

De Guide liwwert Informatiounen iwwert déi verschidden Unien, Aschreiwungsterminer, Aschreiwungskonditionen, etc. an nützlich Informatiounen wat d'Liewen an de Stied selwer betrëfft. (wéi en am beschten eng Wunneng fënnt, de Präis vum Loyer, etc.).

De „Guide du Futur Diplômé“, den et säit 1999 gëtt, regroupéiert all wichteg Informatiounen fir den Antrëtt an d'Beruffswelt. Dëse Guide kennt all Joer Enn Mee eraus.

Déi zwee Guiden sinn gratis erhältlech.

Niewent dësen zwou Publikatiounen geet d'ACEL och regelméisseg an di verschidde Lycées fir d'Schüler iwwert d'Studien ze informéieren. D'ACEL an hier Membercerclen sinn och all Joer op der „Foire de l'Étudiant“ vertrueden fir den zukünftege Studenten sou gutt a sou vill wie méiglech nützlich Informatiounen mat op de Wee ze ginn.


Representatioun: Net manner wichteg wéi d'Informationscampagne vun der ACEL ass d'Vertriedung vun de Studente vis-à-vis vun den Autoritéiten an d'Verdeedegung vun hire Rechter. An deem Kontext steet d'ACEL a regelméissegem Dialog mat de verantwortleche Ministèren ënner anerem den fir Héichschoulbildung a Forschung.

E ganz wichtegen Datum am lëtzebuergesche Studentenkalendar ass d'REEL (Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois) déi all Joer vun engem anere Studentencercle organiséiert gëtt. Dëst grousst Zesammentreffen vun lëtzebuerger Studenten war d'Basis fir d'Grënnung vun der ACEL.

Säit 1984 bréngt d'REEL all Joer ronn 150 Studenten zesummen. Während deem Zesammentreffen fannen Diskussiounen an en Austausch zu verschiddenen aktuellen Theme statt. D'Schlussfolgerunge vun dësen Diskussiounen ginn dann op der „Journée officielle“ un den Héichschoulminister erugedroen. Dësen Dag steet am Zeeche vun engem interaktiven Débat zwëschen Studenten a Ministère. Ausserdem bréngt d'REEL järelech lëtzebuerger Studenten aus ganz Europa zesummen fir onvergesslech Momenter an der Gastgeberstad ze verbréngen an dës ze entdecken.



Entdeck deng Uni! Sief Student fir 1 Dag



Entdeck deng Zukunft

Deng Uni, deng Stad, däi Liewen -
Géi deng zukünftege Uni mat richtege Studente
kucken an looss der weisen wéi een als
Student an der Stad leeft

www.acel.lu
contact@acel.lu
www.emile-weber.lu

Wou ass d'Bibliothék? A wei engem Gebai fannen ech d'Sekretariat? Schmaacht d'Pizza hei genee esou gutt wéi doheem? A wou fannen ech ee flotte Café fir Owes ee bëssi ofzeschalten? Dës a nach vill aner Froen stellen sech Joer fir Joer eng Réi Schüler déi de groussen Sprong op d'Uni woen.

Dacks steet een als 1^{ère} oder 13^{ème} Schüler nämlech kuerz virum Ofschloss vum Lycée an et weess ee net wéi déi eegen Zukunft soll ausgesinn. D'ACEL, an Zesummenaarbecht mat de verschiddenen Studentencercelen a Voyages Emile Weber, well dës Schüler de Schratt an d'Unisliewen an d'Decisioun vun der richtegeger Studentestad vereinfachen an huet dofir de Projet "Student fir 1 Dag" an d'Liewe geruff.

Dëse Projet gëtt Schüler di eemoleg Geleeënheet, eng Uni an hier Stad op eng eenzegarteg Aart a Weis kennen ze léiere. Well, wéi soll een seng zukünftege Studentestad besser kenneléieren wéi zesummen mat de Studente déi schonn do liewen a studéieren.

Dofir goufen och dës Joer nees Dagesreesen an déi verschidden Universitätsstied organiséiert wou lëtzebuerger Studente de Schüler d'Uni, de Campus an d'Stad gewissen hunn a vill Froen beäntweren hunn. Karlsruhe, Bréissel, Stroossbuerg, Köln, Frankfurt an Oochen waren d'Destinatiounen 2013.

Uni, Campus a Bibliothék

Moies geet et lass matt enger Visite vun der Uni, oder vun den Uni'en a vun deene wichtigste Gebaier um Campus, ewéi d'Bibliothék, d'Hörsäll oder nach d'Administratioun. Op deenen techneschen Unien haten d'Schüler esou guer d'Méiglechkeet sech verschidde Projete vun de Studenten unzekucken. D'Visite vun der Uni gëtt oft mat engem Mëttegiessen an der Kantinn ofgeschlossen.

Studentestied

Nomëttes geet et dann an d'Stad. Hei ginn et praktesch Tipps an Tricks zum Studenteliewen an d'Schüler kënnen sech e Bild vun hirer Studentestad maachen. Natierlech ginn et während dem ganzen Dag Äntwerten op all méiglech Froen, sou dass en interessanten Austausch tëscht Schüler a Studenten entsteet.

Owes geet et dann mam Bus erëm Heem.

Du wëlls méi wëssen?

Weider Informatiounen zu de Reese ginn et op der Foire de l'Étudiant, um Stand vun der ACEL, an op de verschidde Stänn vun de Studentencercelen, mä awer och um Internet-site www.acel.lu an via contact@acel.lu.

Zeck net ze froen well och 2014 kréien d'Schüler erëm d'Méiglechkeet hir Uni ze entdecken an Student fir 1 Dag ze sinn.

E grouse Merci!

Op dëser Platz wëllt d'ACEL senge Partner, a besonnesch Voyages Emile Weber, Merci soen, Ouni si wier déi ganz Organisatioun vum Projet "Student fir 1 Dag" net méiglech gewiescht.

Merci och un déi verschidde Studentencercelen, déi ëmmer mat grousser Motivatioun de Projet ënnerstëtzen an de Schüler e Bild vun hirer Uni an hirer Stad ginn.

D'ACEL

A SÉNG MEMBERCERCLEN

E STAARKT
STÉCK STUDENT



Besicht eis op eise Stand op der
Foire de l'Étudiant
Weider Infos ënnert www.acel.lu

Ebbelwei Expresß zu Frankfurt



Motivéiert duerch déi vill aner flott Intercercelen déi et scho säit Jore gött, wollt den LSRM och eng interessant Intercercle organiséieren an d'Cercle mol an seng Haaptsaach op Frankfurt invitéieren. Fir eng Stad kennenzelëieren ass eng Rondfahrt genee dat richtegt an do gött et zu Frankfurt idealerweis den Ebbelwei Expresß. Dat ass eng al Strassenbahn déi e bëssen ëmgebaut ginn ass fir datt ee gemittlech domat kann duerch Frankfurt gefouert ginn a säin Apfelwein genéissee kann. Den Apfelwein ass typesch fir d'Rhein-Main Gebitt a fir Hessen a fënnt ee soss kaum anzwuesch, ass natierlech net mam Cider ze vergläichen. Den Dag vun eiser Intercercle ass dunn endlech do gewiescht a mir hate super Wieder fir den Abrëll sou datt Frankfurt sech vu senger schéiner Säit weise konnt. Wei mir eis Gäscht bis all zesummen haten, si mir Richtung Haltestell getréppelt wou mat vill Opreegung dunn op déi al Strassenbahn gewaart gouf, zemools well déi meescht sech kee konkret Bild vun dem Ebbelwei Expresß maache konnten a scho bal an d'Linnenstrassenbahnen eraklamme wollten. Wei den Ebbelwei Expresß dunn awer opgetaucht ass, war et scho mol eng positiv Iwwerraschung fir déi meescht. Am Express platz geholl, gouf dunn mol eng Ronn Apfelwein ausgeschenkt. Well den Apfelwein relativ herb ass, gött e meeschtens séiss gesprëtzt gedronk, wat sou vill heescht datt e bëssen Orangenlimonad derbäi geschott gött. Et kann een en natierlech och puer drénken, oder sauer gesprëtzt mat Sprudellaasser. Bei Apfelwein-Ufänger kennt de séiss gesprëtzte meeschtens am beschten un, zemools wann

een dann nach bei Sonneschäin an oppenen Dieren am Express duerch Frankfurt kutschéiert gött. Ënnerwee huet den LSRM dann natierlech Touri-Guide gespillt an d'Sehenswierdegkeete vu Frankfurt gewisen an erkläert. Natierlech hate mir am REEL-Style och e Mikro u Bord, an den Ouschi huet ofwiesselnd mam Myriam den Expresß entertaint mat Lidder, Anekdoten an déi üblech sonsteg Dommheeten. Beim Apfelwein-Akaafen hat de LSRM eng Päif derbäi kritt, wou mir eis Mëttes nach dräiwer gewonnert hu firwat dat gutt sollt sinn, hate mir Owe schnell eng Verwennung derfir fonnt: en "Spillchen" vun der Oochener REEL ass erëm operstan, wann d'Myriam gepaff huet, huet den Ouschi geruff "Hebt die Becher ihr edelen Zecher! Aal" - "Voll" war d'Äntwert du vun eis, asw.... A genee dat hu mir de ganzen Owend iwwer gespillt, am Express, herno am Restaurant an och dertëscht, egal wei komm d'Leit eis gekuckt hunn. De Problem un sou enger Fahrt mat enger aler Strassenbahn ass jo natierlech datt keng Toilett mat u Bord ass... Zemools wann dann nach den een oder aneren Äppler a Béier ënnerwee gedronk gött kann dat definitiv sou seng Schwierigkeete matdroen - och wann et ënnerwee eng Pisspaus gouf..... Weider wëlle mir lo léiwer net op dee Problem agoen. Fir ënnerwee hate mir och eng super Fahrtbegleiterin, d'Lena, wat derfir gesuergt huet datt keen ongebidden erausklëmmt ënnerwee, dat heescht souzeseen op eis opgepasst huet. D'Lena hat awer och säi Spaass mat eis, well hat et nawell witzeg fonnt huet wei mir him

de Jangeli an d'Hesperkutsch zum beschte ginn hunn, och wann hat den Text wuel net ganz verstanen huet - wat vläit och guer net sou schlecht war ;)

No annerhallwer Stonn war d'Fahrt dunn eriwwer a mir sinn ëmgeklommen an den Adolf Wagners, en typesch hessesche Restaurant, am Quartier Sachsenhausen, wou mir mol eppes Guddes ze lesse kruten, d'Jonge konnte Fussball kucken an natierlech gouf et och rëm Äppler fir unzestoussen. En typesch hessesche Plat ass Schnitzel mat Grüner Sosse a Bratkartoffeln wat sech der och puer gutt schmaache gelooss hunn. Am allgemengen ass och ëmmer schonn eng gutt Stëmmung am Wagners an déi Serveure sinn och viles gewinnt, iwwer eist "Aal-Voll"-Spillchen hunn si trotzdem gestaunt. Nom lessen hu mir e Verdauungs-Spadséiergank a Richtung Alt-Sachsenhausen gemaach, en historesche Véirel deen haut als de Partyvéirel vu Frankfurt gëllt, an ënnerwee gouf et natierlech och e Verdauungs-Trunk an d'Lidderbicher goufen och erëm erausgeholl sou, datt d'Frankfurter e puer lëtzebuergesch Lidder ze héiere kruten.

An Alt-Sachsenhausen hu mir et fir d'éischt an engem Café méi roueg ugoe gelooss ir mir d'Poledance-Staang entdeckt haten a Weiblein wei Männlein sech doru probéiert hunn. Wei mir bis erausfonnt haten, datt mir dat all net drop hunn an endlech opginn hunn, si mir weider gezunn an eng Karaoké-Bar / Disco an hunn eis op der Danzpist ausgetoobt - tanzen op der Pist kenne mir nämlech besser wei un der Staang, zemools wann een de Club bal fir sech eleng huet!



Schlussendlech ass jidderee gutt an der Jugendherberg oder op senger Schloßplatz ukomm, och wann et leider keng After-Party méi beim Anouk doheem gouf ;)

Am Réckbléck war e super Owend an den LSRM freet sech datt seng éischt Intercercle sou gutt bei senger Gäscht ukomm ass a mir kenne bal Versprechen datt et sécher net déi lescht Fahrt mam Ebbelwei Expresß ass.

Fir den LSRM - Myriam Olinger



Besoin de conseils ?

Afin d'éviter les mauvaises surprises lors de la création de votre entreprise, contactez-nous. Nous vous aiderons dans les domaines juridique, administratif, économique et social, dans le cadre d'une création, d'une reprise ou d'une transmission de société. La mission de l'Espace Entreprises de la Chambre de Commerce est d'assister dans les meilleures conditions ceux qui, par leur initiative, contribuent à l'expansion de l'économie luxembourgeoise.

Espace Entreprises
Chambre de Commerce
7, rue Alcide de Gasperi
Luxembourg-Kirchberg
+352 42 39 39 - 330
info@espace-entreprises.lu
www.espace-entreprises.lu

CHAMBRE de COMMERCE LUXEMBOURG

Votre partenaire pour la réussite.

INDIVIDUUM - STUDENT RECRUITMENT



Kuckt een déi aktuell Job-Offeren mierkt een séier datt ëmmer méi Employeuren schonn no enger gewësser Experienz am Job froen. "Mee wéi soll dat goen? Wéi soll ech Erfahrung hunn an engem Beruff wann ech grad vun der Uni kommen?" ass oft d'Reaktioun bei villen an effektiv, d'Bedeutung vun Stagen an Summerjobs gëtt ëmmer méi grouss. Dofir hunn e puer Frënn 2012 de Projet Individuum.lu an d'Liewen geruff.

Et woren eemol e puer Frënn an eng gutt Iddi...

Un engem kalen Owend Ufank 2012 hunn 2 Frënn, den Samuel FABER an den Yves WAMPACH, bei engem gemittlechen Owesiessen iwwert hier Zukunft geschwat an festgestallt datt et hautdesdaags trotz guddem Ofschloss an der Täsch ëmmer méi schwéier gëtt en Job ze fannen wann een nach keng weider Erfahrung matbréngt. Doropshin hunn si sech d'Fro gestalt wat se kinnten maachen fir et sech an hiren gläichaltregen Matmënschen méi einfach ze maachen.

Go to bed with a dream, wake up with a purpose...

Wat ganz hollywoodien an enger kaler Winternuecht just eng spontan Iddi war, gëtt séier eeschten Business: Mëtt des selwechten Jores ass d'Société à responsabilité limitée INDIVIDUUM.LU – STUDENT RECRUITMENT gebuer.

Mee effektiv, eng Entreprise aus dem Buedem ze stanzen fuerdert vill Asaz; ze vill Laascht a

Responsabilitéit fir ob just 2 Récker ze leien soten sech déi 2 jonk Entrepreneuren séier, woufir si sech dunn och rapid no Verstärkung ëmgekuckt hunn. 3 aner jonk a motivéiert Leit sinn dunn matt u Bord geholl ginn, déi wieren: Den Afshin MOAYED, Student op der London City University, war direkt begeeschtert wéi en gefrot gouf als Partner den Domaine vum Business Development ze iwwerhuelen. Den Felix FELTES, Student zu München, koom als Responsabel vum PR matt an d'Boot an schlussendlech den Michel HOFFMANN, Schüler aus dem Dikrecher Lycée Classique, dem säin enormt Wëssen am Beräich vum IT eng grouss Beräicherung fir des jonk Firma war.

Les trois Mousquetaires et leur famille...

E Joer méi spéit, 2013, besteet den Management just nach aus dem Afshin, dem Michel an engem vun den Founding Partners, dem Samuel. Mee d'Individuum-Famill wéi mir eis mol ëmmer rëm gär nennen ass gewuess: Nieft den 3 Partner waren iwwert de Summer 2 Stagiairen matt u Bord an e ganzen Koup Freelancer, déi Dëst oder Dat maachen, sinn iwwert d'ganz Joer fir d'Firma tätég.

Firwat den Numm "Individuum"?

Natierlech gouf sech zu eiser Gebuertsstonn laang d'Fro no engem passenden Numm gestallt: Gesicht gouf eppes wat einfach ze prononcéieren ass, wat liicht ze verhalen war an wat och am Idealfall op der ganzer Welt ähnlech konnt ausgeschwat ginn. No enger Zäitchen konnt sech dunn "Individuum"

duerchsetzen.

Mee Individuum ass méi wéi just en Numm oder eng Marque. Et steet fir alles wat eis ausmécht, et ass eng Philosophie, en Modus Vivendi: Den een Individuum fannen den et wot aus eegener Initiative en éischte Schrëtt ze woen, den een Individuum deen aus der Mass well erausstiechen duerch säin Wellen an Energie. Dohier och eisen Slogan "Start your career".

De Projet

Mee wat ass Individuum eigentlech? Wat maahe mir? Wat mécht eis interessant fir Studenten a jonk Graduates? Wat eis, Individuum, ausmécht ass eis Online Plattform wou all jonken Mënsch, sief et Schüler aus dem Secondaire, Nach-Studenten oder frësch Diploméiert sech dierf aschreiwen. Jiddereen deen op der Sich ass no engem Job no der Uni, e Stage am Summer sicht oder einfach nëmmen Loscht huet méi a senger Sommervakanz ze maachen kann (oder besser soll) sech bei eis umellen a vun eiem enormen Service profitéieren.

Effectif, wat aus eis eppes Besonnesches mécht ass net nëmmen de Fait datt Individuum vun Jonken fir Jonker lancéiert gouf, d.h. mir eng ganz aner Approche zum Kandidat kennen hunn well mer selwer nach Studenten sinn an

eis dat erlaabt eng méi nuancéiert Perspektive ze hunn wéi Leit déi säit Joeren an der Aarbechtswelt sinn, mee virun allem de Fait datt eisen Site séier geet, eng enorm Efficacitéit huet an am Contraire zu villen aneren Online Servicen einfach an kloer ze benotzen ass.

Desweideren sief erwähnt, datt Individuum doduerch eenzegaarteg ass datt mir probéieren den Prozess vum Recrutement "ëmzedréinen", d.h. eng Firma huet d'Méiglechkeet sech direkt déi Profilerkennenerauszesichen déi se gesichthuet wouduerch dem Student seng Chancen direkt en Stage/Job e fannen den ëm zouset enorm erhéicht gëtt.

Mir hunn mëttlerweil Partenariaten matt souwuel groussen wéi och méi klengen Firmen aus villen verschiddenen Secteuren, sief et dem Droit, dem Finanz-, Energie- oder dem Consultingberäich, an et ginn der all Dag méi: Fir all Mënsch ass also gesuergt.

Desweideren, erméiglechen mir duerch eisen Projet dem Student deen sech bei eis umellt op eng einfach an puissant Aart a Weis en éischten Schrëtt Richtung Aarbechtswelt ze maachen.

Are you the one?

Mir, Team vun Individuum, géingen eis freeën, léiwen Lieser, dän Numm geschwënn an eiser Kartei dierfen ze hunn oder dech op engem vun eisen Events dierfen perséinlech kennen ze léieren. Also, léiwen Lieser, are you the one, bass du deen een Individuum deen bereet ass den éischte Schrëtt ze maachen ?

Individuum

SI TU NE DÉFENDS PAS TES DROITS AUJOURD'HUI, TU RISQUES DE LES PERDRE DEMAIN ! L'ENGAGEMENT SYNDICAL VAUT TOUJOURS LA PEINE !

Plus un syndicat est fort en termes de nombre de membres et représentatif en termes de secteurs économiques et sociaux dans lesquels il est majoritaire, plus il peut notamment garantir des salaires de début de carrière équitables et la reconnaissance des diplômes dans les barèmes salariaux, combattre la précarisation des conditions de travail des jeunes salariés, imposer des avancées sociales comme la création de nouveaux droits (p.ex. droit au congé parental, droit au congé individuel de formation), négocier une amélioration continue des salaires et conditions de travail, promouvoir la mise en place de services d'assistance et de conseil efficaces pour les salariés et demandeurs d'emploi, lancer des campagnes publiques visant une meilleure réponse politique aux défis que représente la mondialisation pour notre modèle social.

Avec plus de 68 000 membres, l'OGBL est le syndicat n° 1 au Luxembourg ! Rejoins-nous dans l'action et dans notre engagement pour la justice sociale et la prospérité bien répartie !

DEVIENS MEMBRE DE L'OGBL !
Pour plus d'informations sur le travail des jeunes de l'OGBL
jeunes@ogbl.lu
ogbl.lu/jeunes
facebook.com/OGBLJeunes



ANESEC - d'Lëtzebuerger Eco-Studenten

Du bass Eco-Student, oder du wëlls nom Lycée Eco studéire goën? Da bass du an der Anesec genau richtig!

Wat ass d'Anesec?

D'Anesec ass den Daachverband vun all de lëtzebuerger Eco- a Commerce-Studenten; ausgeschriwwen heescht dëst: "Association Nationale des Etudiants en Sciences Economiques et Commerciales".

Wéi gëtt ee Member an der Anesec?

Ma ganz einfach – um Internetsite vun der Anesec fënns du ënner der Rubrik "DEVENIR MEMBRE" all néideg Informatiounen, kanns dech als Member enregistreire loossen an ab sofort vun all de Virdeeler profitéieren, déi d'Anesec dir ubidd. A fäert definitiv net fir Member ze ginn, well et ass nëmme vu Virdeel fir dech!

Wat mécht d'Anesec a wéisou soll ech Member ginn?

D'Anesec rassembleiert während der Unis-Zäit lëtzebuerger Eco-Studenten aus deene verschiddenste Studentestied a Länner. Während dësen Anesec-Eventen bass du ëm ginn vu Leit, déi dee gläiche Wee am Liewe wëlle goën wéis du. Fir deen eenzelnen Eco-Student kann en Austosch mat villen aaneren zukünftigen Economisten nëmme nützlich sinn, an heifir bidd d'Anesec dir déi optimal Geleegeheeten während denger Studenten-zäit.

Kontakt mat aaneren Eco-Studenten an Anesec-Ancien'en

Op Eventer wéi Laser-Tag, Drink and Talks, sportlechen Aktivitéiten, Visiten vun Entreprises, oder verschiddenen Anesec-Party'en knepps du nei Kontakter mat Studenten, déi di nämlecht Interessen hu wéis du. Net manner wéi ëm déi 300 lëtzebuerger Eco-Studenten gehéieren zu de Memberen vun der Anesec, sou datt dëst Netzwerk dir eng grouss Hëllef während an no dëngem Eco-Studium ka bréngen.

Dëst Joar wäert d'Anesec hieren 30. Gebuertsdag feiern a kann domatt schon op eng stolz Vergaangeheet zrëckkucken un där scho vill méttlerweil etabliert lëtzebuerger Economisten hieren Undeel hunn. Net selten heescht et "Eemol Anesec, ëmmer Anesec", an esou kann et och duerchaus virkommen, datt een op séngem Virstellungsgespräch ee fréihieren "Anesecianer" viru sech setzen huet.

Den Austosch mat fréihieren Memberen sollt een duerfir net vernoléisseggen, vu datt dës schon op eng professionnell Carrière kënnen zrëckblécken an deene momentane Studenten sécherlech hëllefbräich kënnen sinn, fir hier Zukunft an der Aarbéchtswelt vum lëtzebuerger Economiesecteur ze fannen. Iwwert dës Eventer a Rendez-Vous'en gidd dir als Anesec-Member reegelméisseg per Newsletter informiert.

D'Schüler informéieren

Net nëmme aktuell Studenten kënnen vun der Anesec profitéieren, mä och déi, déi hieren Eco-Studium nach viru sech hunn. Am Lycée fällt spéidstens nom Premières-, resp. Treizièmes-Examen de Choix bei de Schüler, wat een dann elo soll studéieren goën. Déi Schüler, déi sech fir Economie, Commerce, Compta, Marketing an all dës Rubriken entscheed hu stinn natiirlech virun engem Bierg vu Froën. A genau aus deem Grond versicht d'Anesec dës Schüler bei hierer Orientatioun, Studieplaz a soss studienrelevante Froën ze hëllefen. Heifir verëffentlecht d'Anesec dann och all Joer op en Neits fir d'Studentefoire hier "Guide du Futur Economiste", wou déi zukünftige Eco-Studenten en Abléck an déi verschidde Studiéméiglechkeeten an Europa kréien. Mä och fir déi, wou nach net wëssen wat a wou si



solle studéieren ass dës Brochure hëllefbräich, vu datt si déi divers Métier'en am Beräich vun der Economie virstellt an erklärt.

Zéckt net a frot iech äer Brochure um Stand vun der Anesec oder per Mail beim Comité un. Während dem Schouljoer ass d'Anesec dann och op zueräiche Studieninfoën un der Säit vun der ACEL présent, déi an de lëtzebuerger Lycéen ofgehalen ginn, fir de Schüler de Wee op d'Uni ze erklären an hinnen op hier Froën ze äntweren.

De Wee vum Studium an d'Aarbéchtswelt

D'Studienzäit ass dann och iergendwann fäerdeg an den Eco-Student fënn sech no séngem Bachelor-, resp. Masteröf Schloss um Aarbéchtsmarché rëm. Och dëst ass eng wichteg a net einfach Décisioun am Liewen vun engem jonken Diploméierten. Dofir probéiert d'Anesec scho während dem Studium dem Student de Kontakt zu den Entreprises aus dem Economieberäich ze beschafen. Fir datt d'Décisioun och déi richtig ass, kann den Anesecmember op Äntwerten vu Partner-Entreprises zrëckgräifen, resp. sech sur place bei verschiddenen Entreprises ëmkucken – sief dëst bei Visiten vun Entreprises oder oder op der "Rencontre Entreprises-Etudiants".

Des Weidere sinn hautdësdaags d'Studen-ëmmer méi wichteg am Curriculum Vitae vun engem Student. D'Anesec stellt dir dofir eng Plattform zur Verfügung, op där du ëmmer um Courant gehale gëss, wat aktuell Stage-méiglechkeeten ubelaangt.

Rencontre Entreprises-Etudiants

Der Anesec hiert Haaptevent während dem Joer ass sécherlech d'"Rencontre Entreprises-Etudiants" (REE). Hei fënns du déi optimal Geleegeheet mat Entreprises a Kontakt ze trieden an iwwer Stage-, grad ewéi Job-méiglechkeeten dech ze ënnerhalen. Op der REE sinn ëm déi 25 Entreprises aus der lëtzebuerger Economie- an Droitbranche versammelt, déi zu deene gréissten Employeuren am Land gehéieren.

De Séminaire "Comment réussir votre candidature"

An dësem Séminaire gëss du vun engem Professionellen aus der Ressources Humaines-Branche encadréiert fir déng Kandidaturen ze optimiséieren an déng Performance an

engem Astellungsgespräch ze trainéieren.

Zu dësem Séminaire gehéieren "Comment rédiger un CV et une lettre de motivation?", "A quoi faut-il faire attention lors de l'entretien?" an "Les autres critères de sélection".

Kontaktéier eis!

Um Internetsite vun der Anesec (www.eco.lu) fënns du zu jidder Zäit nützlich Informatiounen iwwer Stageplätzen, déi aktuell ugebuede ginn an du gëss gewuer wéieng coming Anesec-Events deemnächst ustinn.

Fir Froën a Commentairen kanns du dech natiirlech gären un den Anesec-Comité wenden.

Mir wënschen dir eng erfolgräich Zukunft an déng Studien a freeën eis dech um Stand vun der Anesec op der Studentefoire kënnen ze begrëssen.

Fir d'ANESEC – Pol Streng



RETHINK CAREER THINK INNOVATION

Researchers, PhD students, research support and administrative staff, students, join the leading public research employer in Luxembourg and work in a challenging environment.

Find all our job offers, thesis proposals, internships, etc. at www.tudor.lu/jobs

Innovating together

Abenteuer Studéieren!

Ech hunn vum Ufank vun mengem Studium bis elo vill erlieft an ech sinn ma sécher, dass ech meng Studienzäit ni bereien wärt.

Alles huet ugefaangen, dass ech 2010 meng Première gepackt hunn an sech d'Fro gestallt huet, wou ech dann elo weider studéieren an duerch Zoufall sinn ech zu Nanzeg gelant, do kann een elo soen dat ass jo net wierklech am Ausland, well et esou no zu Lëtzebuerg ass, an awer hunn ech ugefaangen alleng ze wunnen, mir een neit Liewen mat neien Kollegen opzebauen an dat fir viraussiichtlech 3 Joer.

Zu Nanzeg hat ech d'Chance op der ICN Business School ze studéieren, déi ganz vill Partnerschoulen huet iwwert ganz Welt zerstreet, an och soss ganz dozou agestallt ass, hier Schüler an d'Ausland ze schécken. Nodeems ech dunn meng 2 éischt Joer zu Nanzeg fäerdeg hat, ass et mat der éischter Rees lass gaangen : Argentinien. Ech hunn an Argentinien ee Stage fonnt an enger Equinoterapia. Lo kann een sech natierlech d'Fro stellen, wat dat mat Business ze dinn hat, ma eigentlech näischt ! Mä niewent mengem Studium hunn ech een Handimanager Diplom gemaach, wou ech mat verschiddenen Leit geschafft an geschwat hunn, déi selwer een Handicap hunn an den Sënn vun mengem Stage an Argentinien wa, dass ech dat einfach ausbauen. Ech hunn also 6 Wochen laang mat Kanner geschafft déi eben eng physesch oder mental Diskapazitéit haten. Hei sinn ech natierlech och vill gereest, hunn mir d'Land ugekuckt, ech war an verschiddenen Naturparken zu Malargue, zu la Payunia wat en geschützten Naturpark ass, ech hunn een Vulkan vun bannen gesinn, hunn op enger klenger Naturfarm gewunnt wou alles op der Farm selwer produzéiert gëtt, hunn Gaucho Competitiounen gesinn, an hunn an den Termas Cacheuta gebuet, wou natierlech Quellen sinn, déi ganz waarm sinn, sou dass een dobaussen am Waasser setzt an virun engem sinn d'Bierger mat Schnéi bedeckt, ech hunn natierlech och vill Leit kennen geléiert mat deenen ech ëmmer nach an Kontakt sinn an virun allem, hunn ech gesinn, wéi wichteg et ass, dass een net nëmmen an Lëtzebuerg oder Frankräich bleift mä sech aner Saachen op der Welt ukuckt! Ech weess och säit ech erëm zrëck sinn vill méi ze schätzen wat mir an Europa, an virun allem an Lëtzebuerg hunn. D'Studenten dohannen dreemen dovunner an Europa ze kommen, müssen vill méi kämpfen vir kënnen ze studéieren oder iwwerhaupt eng Auslandserfahrung ze hunn. Argentinien ass ee



Land dat éischter Protektionismus ausübt, sou dass een do mol keng Dollar oder Euroen an enger Bank kritt ouni honnert Pabeieren ze hunn an dann ass et nach net sécher, dass een se kafen kann.

No deser Rees an den Süden vun Amerika, ass meng Rees weidergaangen. Ech hunn decidéiert erëm e bëssen méi vun Europa kënnen ze léieren, an hunn mäin Auslandssemester am kalen Norden, an Dänemark zu Kopenhagen op der CBS – Copenhagen Business School gema. Natierlech ass dat rëm eppes ganz aneres : de Leit do geet et zimlech gutt, Kopenhagen ass eng wonnerschéin Staat, ganz propper, sécher an voll mat Studenten. Ech hunn mech richtig an déi Staat verléift ! Natierlech sollt et net bei Kopenhagen bleiwen, ech hunn Tallin besicht, ech wa an Norwegen fir mech do am

äiskalen Mier ze bueden, wou um Strand Schnéi loung, ech war an Lapland fir d'Nordlichter ze kucken, an hunn natierlech och aner Deeler vun Dänemark gesinn, wei zum Beispill Aalborg oder Arhus, déi 2 nächst Grousstied no Kopenhagen an ech hunn et souguer fäerdeg bruecht an 2 Mierer gläichzäiteg ze stoen an zwar ganz uewen an der Spëtz vun Dänemark zu Skagen wou d'Nord Mier an d'Baltescht Mier zesummen stoussen. Wei ee gudden Dän hunn ech mir natierlech och déi al Carlsberg Brauerei ugekuckt an de Carlsberger Béier geschmaacht. Natierlech war des Zäit zu Kopenhagen super flott, ech hunn souguer verschidden Frënn fir Liewen fonnt mä mäin Studienabenteuer sollt nach net riwwer sinn, och nodeems ech mäin Bachelor gepackt hunn net. D'Fro huet sech dunn gestallt, wou dëst Abenteuer vum Studéieren weider goen sollt !

Ech hunn mech fir een Master an International Management entscheed, wou ech genau elo an Mexico zu Puebla an der UDLAP, menger Uni, setzen an dësen Artikel schreiwen. Ech hunn decidéiert rëm zrëck ze kommen an Süd Amerika, wou et mir esou gutt gefall huet, och wann Mexico an Argentinien op kee Fall kënnen verglach ginn ! Mexico ass vill méi oppen an weinst der Nafta och amgaangen sech voll ze entwéckelen, wat awer leider net heescht, dass et manner geféierlech ass... ! Ech sinn leider

réischt 6 Wochen hei an kann dofir leider nach net esou vill Erlebnesser verzielen, mä eent ass emol sécher, ech hunn nach vill fir ! Ech wa zu Ixtapa fir den Mexikanesche Strand kennen ze léieren, ech wa zu Huasteca Potosina, wou mir Cascaden gesinn hunn an eis déi kleng Dierfer rondrem ugekuckt hunn, natierlech waren ma och Pyramiden kucken, den Teotihuacan, an geplangt ass natierlech als nächst Mexiko City, Cancun an Guadalajara. Leider bleiwen ech nëmmen bis am Dezember hei, dono geet mäin Abenteuer vum Studéieren ab Januar an Irland zu Dublin weider !

Ech hunn elo nëmmen vun deenen verschiddenen Länner an mengen Reesen geschwat, ech hunn natierlech och ëmmer schéin studéiert an mäin Beschtt gemaach fir all meng Joeren mat Spaass ze verbannen an se dach gutt ofzeschléissen ! Ech wënschen jidderengem, dass en säin Studium genéisst an sech während deser Zäit beräichert, ech wäert et ni beréihen an hoffen, dass deen een oder aneren och Loscht kritt huet, während sengem Studium e bëssen ze wandern an säin Studium zu enger eenzegaarteger, onvergiesslecher Zäit ze mäen.

Mandy Bettendorf,
IPBS, Master in International Management,
mandy.bettendorf@gmail.com



Strasbourg REELoaded, Nondidjö!

Et ass matten an der Nuecht. Et reent. De Wand bléist an et ass eigentlech kee Wieder fir virun d'Diier ze goën. Mä trotzdem stinn eng ronn 120 Studenten vun deene verschiddensten Studentestied zu Dikkrech an um P+R Houwald op Busser ze waarden – a si hunn ee gudde Grond – et geet nämlech op Stroosbuerg, fir genau ze sinn op déi 29. Oplag vun der Réunion Européenne des Etudiants Luxembourgeois, kuerz REEL.

Knapps am Bus ginn aus eise Studenten rich-teg “REELaner”. E Welcome-Bag an ee gudden Happ a Malz – Téi a schonns léisst et sech monter an déi europäesch Studentenhauptstad 2013 kutschéiren. Fausti a Cool Feet encadréiren eis REELaner. De Radio gëtt rëm op déi üblech REEL-Frequenz “100, reel” agestellt a verschidde Miseler hunn och dëst Joer et fäerdeg bruecht deen neie Wäijoergang ënner Form vum Fiederwä-issen mat u Bord ze schëffen.

Gudd 3 Stonne spéider kënnt d'Equipe ron-drëm de Kapitän Georges Dahm zu Stroos-buerg an der Jugendherberg, déi ee méttlerweil als “Auberge de jeunesse à 2 degrés Celsius” ka bezeichnen, un. Eng kleng Stärkung mat Kaffi, Bananen an Croissant'en an et ass weidergaangen an den Zentrum vu Stroosbuerg, wou am Foyer de l'Etudiant Catholique, mat der nach méi intres-santer Öfkierzung “FEC”, d'ACEL Workshops mat uschléissender Plénière beschafft, disku-téiert an néiergeschriwwé goufen. Opschlössräch Erkenntnisser an intressant Denkestéiss hunn eis REELaner an dëse Work-shops, déi als Sujet d'Intérêtën vum Student an de Cerclen hunn, un den Dag bruecht, a be-sonneg di alldäglech Problematiken am Liewen vun engem Zürcher Student koume bei dëse Meinungsaustësch net ze kuerz.

No dësen deels hëtzege Débatten gong et an d'Kantine vum “FEC” fir de Mô ze stäipen a sech scho mental op de Rallye découverte, deen dës Joer alleréngs net “Sous le haut pat-



ronage” vum Péitrus stung, virzebereeden.

Näischdestotrotz hunn eis REELaner/innen hiere Mann gestaangen a sech deene verschid-denen Aufgaben gestallt an hiert Wëssen iw-wer Stroosbuerg manifestéiert. Et war ee flotten an ustrengende Rallye, deen eise REELaner villes ôfverlaangt huet, mä dee si awer och duerch an iwwer déi schéinste Plaat-zen vun der Elsassstiedchen goë gelooss huet.

Ee kuerze Patt am ALUS-Stammcafé “Rock City” an et ass weidergaangen an de faméise Keller vum “Brasseur”, wou d'Tarte flambée “à volonté” kredenzt gouf, de Béier d'Mandelen frësch geschmiert a folkloristesches Lieder an enger authentesch Studentennathosphär ugestëmmt gi sinn.

Den Hunger gestëllt an den Akku nees op-gelueden gong et an de “Korrigan”, wou d'REELaner hier “Soirée privée” zelebriert hunn. An engem flotten verwëllefte Keller mat-ten a Stroosbuerg gouf gedantz, gesong, gege-ckst a gelaacht. Déi éischt Cercles-Présidenten konnte weisen wou den Hummer hänkt, an et gouf och extrem filigran un de Pompjeessta-angen um Comptoir säi Kënnen ënner Beweis gestallt. No engem ustrengenden éischten Dag hunn d'REELaner dunn wäit no Mëtternuecht mam Bus de Wee zréck an déi schéi schuckeleg Ju-gendherberg fonnd.

No enger kuerzer Hënnit goufen d'REELaner freides moies rëm ënner hiere fënneg Bettde-cken wakreg gemaach fir si op déi verschidden Visites culturelles ze schécken. Um Menü stun-

gen den DEQM, Eurocorps, Petite France an d'Brasserie Uberach.

Nom néidege Mäufel an der “Chaîne d'Or” stung d'Journée des partenaires fir eis RE-ELaner um Plang. Fir d'éischt awer huet d'Héichschoulministesch Madame Marti-ne Hansen nach eng Usprooch gehalen éier d'REEL-Communautéit via Virtrag an den Amphiën an an Einzelgesprécher an enger lockerer Foire's-Atmosphär mat de Partner-Entreprises a Kontakt konnten trieden a sech iwwer hier Zukunftspläng informéiere konnten.

Heino gouf et dunn nach ee generéisene Cock-tail dîatoire an d'Stëmmung bei de REELaner ass mat Hëllef vum neien ACEL-Studentenlid-derbuch ëmmer méi geklommen.

Voller Élan gong et fir d'REEL-Equipe nom les-sen op déi dësjäerege Soirée publique am Gold Club zu Kehl. Net nëmmen eis 120 REELaner; mä och nach vill lëtzebuergesche Studenten vun ausserhalb hunn de Wee an di däitsch Nope-schuertschaft fonnd fir an der Kehler “Studen-tendiskotheik” däermoossen abze”dancen”, datt d'Jacketten – ehm – pardon, d'Fatzen nëmmen esou geflu waren. Quasi pénktlech ass et du rëm zréck an d'Frigidaire's-Jugendherberg gaangen, wou deen een oder aanere Student konnt glécklech gewiescht sinn, datt Alkohol jo bekanntlech net sou séier fréiert.

Knapps konnten d'REELaner d'Aan zoumaa-chen, schonns hu si héiren wéi hier Zëmmerdi-er vun engem All-Access-Schlëssel opgemaach gouf an de REEL-Transportminister op eng

frëndlech a mat enger der Auerzäit ugepass-terer Toleranz deene frësch ageschlofene Stu-dente di frouh Botschaft vum no vir verréckel-ten Départ konnt verkënnegen. Datt gréisser Frëndschaften dësen Dag nuechts géint 6.30 h. an de Couloiren vun der Jugendherberg tëscht dem REEL-Comité an de REELaner beschloss goufen kann een net onbedéngt behaapten a fir op Nummer sécher ze goën goufen och eis Buschauffeuren vun der Wollék 7 rofge-holl fir hieren ëmmodeléierten Horaire gewu-er ze ginn – och hei war de Versteesdemech zimmlech strapaziéiert ginn.

All Respekt awer eise REELaner, déi et fäer-deg bruecht hunn mat zouenen Aan, nach am Schlof an ouni d'Luucht unzemaachen de Wee an hiere jeweilige Costume, resp. hier jewei-leg “laang Toilette” ze fannen a wéineg spéider den Ëmstänn entspreichend mol guer net esou geriedert virum Bus opzedauchen, wéi een et hinnen knapps 1,5 Stonnen méi fréih an der Sortie vum Gold Club nach zougetraut hätt.

Frësch gewäsch, gekämmt an d'Krawatt halb-wegs riicht gebonnen sutzen d'REELaner ku-erz drob an der “Salle Mozart” fir de lëtze-buergesche Parteien, ënner der Leedung vum Jean-Pol Roden vum “100,7”, hier Versprieche géigeniwwer dem Studentevollék entgéintze-huelen. Op d'Froën vun den Häeren Pierre Schumann a Marc Sinner haten eis Politik-an-didaten ëmmer eng Äntwert parat an och an deene leschte Reihen gouf de Meinungen vun de Politiker wéinst där eng oder aanerer Ur-saach zouge”nickt”.

D'Politdiskussioun hannert sech ass et dunn



an de Restaurant “Maison Kammerzell”, wat gläichzäiteg och dat eelsten Haus vu Stroossbuerg ass, gaangen. Wéi d'REELaner bis all hier Plaatz un den eenzelnen Dëscher haten sinn dann och déi 2 lescht REELaner ukomm, deenen hier Arrivée natiirlech net ze verpasse war an op déi di dësjäereg REEL och ganz besonneg stolz ass, si am Kreess vun de Studenten konnten ze begrëssen – et waren dëst nämlech den Ierfgroussherzog Guillaume a séng Fra Stéphanie. No intressantem Gespréich während dem lessen mat Studenten aus verschiddene Studentestied huet déi Ierfgroussherzoglech Koppel sech et och net huele gelooss fir mat der versammelter REEL-Gesellschaft an ënnert der Leedung vum Max Thoss, dit “Max-Nonndidjö”, “ons Heemecht, nonndidjö” matzesangen an esou deem Ganzen dee studentesche Touch ze ginn, deen eng REEL brauch a muss hunn.

Eng offiziell REEL-Photo virum Stroossbuerger Münster an et ass weidergaangen an d'Europaparlament fir d'REEL - Table ronde, déi dës Joer sech mam Sujet befaasst huet: “La recherche européenne: Un investissement dans le futur?”. Déi eenzel Débattants goufen vum President Christophe Mossong virgestallt an de Public konnt soumat eng intressant a lieweg Diskussionsronn an (deels zevill) bequeme Still am Hémicycle suivéieren. No ustrengenden 2,5 Deeg REEL sinn, wéi mir aus séchere Quelle gewuer gi sinn, eng gréisser Unzuel u REELaner dëst Thema vun der europäescher Recherche an hieren eegene Gedanken nach eng Kéier perséinlech an an entspaanter “Nodenkposition” duerchgaangen a konnten um Enn vun der Table ronde eisen Débattants nëmme voll a ganz zu hieren Visiounen an Iddiën zoustëmmen.

No der Table ronde hunn och rëm eng jett REELaner de Wee an eis mobil Apdék “Pharmacie Leuck” fonnd fir hier Commande vu geschatenen 10 Kilo “Strepsils” opzeginn. Den Hals rëm frësch geuelegt goug et fir de REEL-Tross nach op ee Vin d'honneur bei d'Madame Ambassadrice Michèle Eisenbarth éier et fir de kréinenden Öf Schloss vun der Journée officielle op d'Soirée “DeLux” an de Stroossbuerger Hilton gaangen ass.

An engem flotte Kader gouf et och hei rëm tiptop ze mäufelen an d'Variatioun u Gedrénks huet och dee leschten net erdiischtere ge-

looss. Kuerz nodeems den Hauptplat dobanne war huet d'Bühn de Miller Moaler gehéiert, déi et verstaangen haten eis REEL-Equipe vun der éischer Minutt u mat aalbekannten lëtzebuergesche Lidder, déi all Student quasi auswenneg konnt matsangen, vun de Still (oder besser gesot - op d'Still) ze rappen. No enger Panoplie u lëtzbuergesche Dauerbrenner gouf den Häer Daniel Schweitzer op d'Bühn gebieden, fir dat eigentlecht REEL-Lidd (suwuel fir 2006, wéi och fir 2013) “Le paradis des Strasbourgeois” unzestëmmen an domadden de ganzen Hilton, mat séngem Personel rondrëm d'Equipe vum “Notamusedtafa” inclus zum kache bruecht huet.

De vireschtgenannten “Notamusedtafa” huet misse léieren, datt net nëmmen Teppecher, mä a Studentengesellschaften och Dëscher “fléie” kënnen. De REEL-Presi 2012 Eric Gonderinger huet kuerzerhand séng Begeeschterung fir “expressiv-impressionistesche Konscht” entdeckt a wollt enger Grupp REELaner d'Grondmaterialien vu Biller aus dem 21. Joerhonnert méi genau virstellen éier datt de frëndleche an net aus der Rouh ze bréngende Chef-Service “Notamusedtafa” him d'Grondprinzipien vum Ringen am griechesch-réimesche Stil och méi genau wollt virstellen.

Trotz allem ass et deen Owend awer weder zu enger Konschtvirstellung, nach zu engem olympesche Ringkampf, mä schlicht an ergräifend zu enger absolutt gelongener Partie komm, vun där trotz Aschätzung vum REEL-Comité keen esou wierklech mam Gedanke gespillt huet schon ëm 3.00 h. willten heemzefueren.

Endlech – d'REELaner konnte säit laangem mol rëm eng Kéier bëssi méi laang schlofen a probéieren zou sech ze kommen. D'Valise goufe gepaackt a per pedes ass et op de Brunch an d'“Villa Schmidt” gaangen. Alt rëm huet de Groupe Gastronomie vum REEL-Comité eng gudd Hand an experimentéiert Zong bewisen an de REELaner een la Brunch zu Kehl organiséiert. Falls dann awer eppes vum Teller chemesch a glibbereg sollt geschmaacht hunn ass dëst kengesfalls op eis Restaurants-Equipe zrëckzeféieren, mä éischer un d'Experiment vun eisen REEL-Hobbyphysiker, déi d'Flugbahn vu Käerze-Accessoires-Bëmmelcher a geschlossene Restaurant'en wollten wëssenschaftlech ënnersichen. Mä och déi REEL-Hobbyphysiker, déi als Spezialgebidd d'Akkustik hunn si voll op




hier Käschte komm, nodeems Telleren, Tassen, Glieder, Leffelen a Fourchetten vu ronn 120 REELaner als Musékinstrumenter entfremdt gi sinn.

Nomëttes ass et dann entweder bei e puer Partien Bowling oder eng ronn 30 km südlech vu Stroossbuerg zu Obernai bei engem elsässesche Wënzer weidergaangen fir eis REELaner.

Vun de Mëttesaktivitéiten zrëck ass et fir 18.00 h. an Däitschland op Hofweier gaangen fir déi leschten Etapp vun der REEL 2013 – et war dëst ee grouse Barbecue an enger summerlecher a flotter Ambiance. D'Stëmmung war och um leschten Owend nach eemol phenomenal. D'Studenten hunn hier Geschichten an Anekdoten vu 4 Deeg REEL nach eemol revue passéire gelooss a sech mental schon op dee schweieren Abschied vun der ganzer REEL-Equipe virbereed.

Den dësjäerege Gewënner (10 Kilo N*nnen) vun der REEL-Rallye ass gekréint ginn an och d'Wahlen zu Mister- a Miss-REEL goufen publizéiert. Zréckbehale kann een, datt de Miss-REEL-Titel erfollegräich vun de Stroossbuerger “Studentinnen” konnt verteidegt ginn, während de Mister-REEL-Titel no der Absence vum éischtgewielten de Wee an dat belscht Louvain-la-Neuve wäert fannen. Häerzergräifend a bewegend Rieden vu quasi all de Studentencerclen goufe geschmass, d'Nationalhymne

26 Joer Guide du Futur Étudiant!



Wat soll ech wou studéieren? Wou soll ech studéieren? Wéi genau leeft dat alles? A wat maachen déi verschidden Cerclen?

Dës Froen hues du dir als Iière oder I3e Schüler och scho gestallt? Dann ass de „Guide du Futur Étudiant“ genau dat Richtegt fir dech!

Vu Studente fir Studente
Dëse Guide bitt dir eng Hëllef op der Sich nom

richtege Studium an där richteger Stad. Ganz nom Motto : „Vu Studente fir Studenten“ gëtt dëse Guide säit 26 Joer fir all Schoulentrée vun der „Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois“ (ACEL) an hire Membercerclen néi editéiert. 37 Studentecerclen a 5 fachspezifesch Studentenassociatiounen stellen sech an dësem Guide fir.


Praktesch Informatiounen
Du fënns praktesch Informatiounen iwwert d'Universitéiten, déi touristesch Aspekter an net ze vergiessen, d'Studenteliewe vun net manner wei 38 Stied. Eng kleng perséinlech Note vun dësem Guide ass, dass d'Cerclen eng Kontaktméiglechkeet ugin, un dëis du dech bei méi spezifesch Froen kanns wenden.

Fir di nei Editioun 2013/2014 gi och di zu Lëtzebuerger ugebuede BTS Studie virgestallt.

De Guide du Futur Étudiant ass gratis an gëtt den 14. a 15. November op der Foire de l'étudiant verdeelt an ass op all Spuerkeessagence, beim CEDIES, SPOS, BNL, SNJ, Maison de l'orientation (ADEM), PIJ Esch, Maison des Jeunes Mondercange, CIJ an natierlech och beim Comité vun der ACEL an online um Site vun der ACEL (www.ancel.lu) ze kréien.

Du hues nach weider Froen? Dann wend dech un d'ACEL (contact@ancel.lu) oder un déi respektiv Cerclen.

Eisen Guide du Futur Diplômé



Du bass matt der Schoul fäerdeg? Hues däin Unisdiplom an der Täsch? Oder einfach Loscht schaffen ze goen?

Däin Start an d'Beruffsliewen
Dann ass den « Guide du Futur Diplômé » genau dat Richtegt fir dech! Säit 1999 Joer gëtt et elo den Guide du Futur Diplômé an säit deem probéieren mer deene Jonken de Start an d'Beruffsliewen ze vereinfachen.

gouf nach eng leschte Kéier als obligatoresch Schlusszeremonie am Kollektiv gesongen an d'Gestëppels fir d'REEL 2014 ass esou richtig a Foart komm. Ob déi nächste REEL elo zu München, zu Kaiserslautern oder vläit awer op enger ganz aanerer Plaatz stattfënn ass dobei niewesächlech. Wichtig ass virun allem, datt dësen Haaptevent aus dem Kalenner vun der ACEL an de lëtzebuerger Studenten insgesamt och d'nächst Joer rëm op enger flotter Plaatz am Ausland organiséiert gëtt an d'REELaner d'nächst Joer am Oktober net zu Walfer an Ëmgéigend déi 30. Editioun zelebréieren mussen.

De Stroossbuerger REEL-Comité seet nach eemol all sénge REELaner e grouse Merci fir



Di neisten Editioun vun éisem Guide gëtt dir eng ganz Rëtsch Informatiounen zu allem wat e wësse sollt fir dass de Start an d'Beruffsliewen e Succès gëtt:

Wie funktionéiert de lëtzebuerger Sozialsystem? Wie schreiwen ech en CV? Eng Lettre de motivation? An wat muss ech maache wann ech mech wëll selbstänneg maachen?

Dëst sinn nëmme e puer Froen op déi de Guide äntwerte kann. Donieft fënns du nach vill aner praktesch Informatiounen iwwert Lifelong learning, Pensioun an de lëtzebuerger Aarbechtsmarché am neie Guide du Futur Diplômé.


Wou kréien ech den Guide du Futur Diplômé?

De Guide kriss du gratis um Stand vun der ACEL op der Foire de l'étudiant, an all Spuerkeessagence, op der Uni.lu, beim CEDIES, bei der ADEM, CIJ, SNJ, OAI., op guichet.lu, an der Nationalbibliothék, an natierlech och direkt op Ufro bei der ACEL (contact@ancel.lu).

Méi Informatiounen an en online-Guide fënns du op der Internetsäit vun der ACEL : www.ancel.lu

Wéi gudd kenns du d'Cerclen?

Test däi Wëssen!





INFO-CENTER

Vous avez rapidement besoin d'une réponse claire et précise à vos questions concernant le droit social et le droit du travail luxembourgeois ?

Sie benötigen schnell eine klare und einfache Antwort auf Ihre Fragen rund um das Luxemburger Arbeits- und Sozialrecht?

HOTLINE: (+352) 49 94 24 – 222

(Lu-Ve / Mo-Fr: 8:30 - 12:00)

E-MAIL: infocenter@lcgb.lu

1.

Wéi ee Cercle huet en Männerchouer?
2.

Wou Studéiert een wann een an der AELK ass?
3.

Wéi heescht den Daachverband vun de Lëtzebuerger Studente Cerclen?
4.

Nenn ee Cercle aus der Schwäiz.
5.

Ee Psycholog kann an dësem Cercle aktiv sinn.
6.

"Ech sinn an der ALUS" seet een wann een wou studéiert?
7.

Nenn ee Cercle aus Frankräich.
8.

De Cercle vu Lausanne heescht wéi?
9.

"Ech studéiere Medezinn" seet een wann een an dësem Cercle ass.
10.

Economie Studenten fënnt een an dësem Cercle.
11.

Als Ingenieur Student ass een oft an dësem Cercle
12.

Wat studéiert een wann een an der ANELD ass?
13.

Wéi heescht d'Hauptquartéier vum CEFT?
14.

Wéi heescht de cercle aus enger ganz beléiften Belscher Studentestaat?
15.

Nenn een anere Numm fir de Cercle "CELM".
16.

Wou studéiert ee Nei Léiwener?
17.

Wou studéiert een wann een am ELAN ass?
18.

Wéi heescht de Kölner Cercle?
19.

Nenn ee Cercle dee méi wéi eng Staat vertritt.
20.

Wou studéieren d'Studenten aus dem LS@SE.
21.

Wou studéiert een wann een am LSSG ass?
22.

Och an der Provence gëtt et e Cercle.
23.

Aus wéienger Staat kënnt de Cercle "ALESONTIA"?
24.

Nenn dee jéngste Cercle aus der Acel.
25.

Zu Heidelberg ass een a wéi engem Cercle?
26.

Nenn ee Cercle aus Éisterräich.
27.

A wéiengem Cercle ass een wann een zu Kaiserslautern studéiert?
28.

Wou studéiert een wann een am LESTLE ass?
29.

Wou kënnt den LSM hier?
30.

Et gëtt och ee Cercle zu Namur, wéi heescht deen?
31.

D'Studenten aus dësem Cercle hunn et net wäit bis Heem.
32.

Nenn de Cercle aus der eelster Staat an Däitschland.
33.

Wou studéiert een wann een am LSW ass?
34.

Dëse Cercle organiseert ee grouss Bal an der Chrëstdaachszeit.
35.

Dëse Cercle ass net an Europa!
36.

Och a Groussbritannien an Irland gëtt et e Cercle, wéi heescht deen?
37.

Wou studéiert een wann een am SLUF ass?
38.

Wou studéiert een wann een am VLIB ass?

Léisung:

1	2	3	4	5	6	7	8	9	10	11	12
---	---	---	---	---	---	---	---	---	----	----	----



Talented by nature?

Give your career a place to grow

Luxembourg. Shape your future

It's your career. With an ever growing firm of now more than 1,500 employees and over 45 nationalities, Deloitte Luxembourg is one of the leading professional service organisations specialising in audit, tax, financial advisory and consulting. Our standards of high performance come from our focus on the continuous development of each individual in order to help you reach your full potential. This is because we believe our strength comes from our teams who strive to provide quality solutions for our clients. Start exploring new opportunities alongside the experts and discover where your talent takes you. **What will you make of it?**

Learn more about our firm and apply online at:
<http://deloitte.com/lu/careers>





Mehrsprachig. Persönlich. Vernetzt.

Masterstudium an der Uni Luxemburg

Wer bei uns studiert, entscheidet sich für eine internationale Forschungsuniversität mit persönlicher Atmosphäre.

Mehrsprachige und englischsprachige Masterstudiengänge, kleine Lerngruppen und individuelle Betreuung, ausgewogene Lehre durch Professoren und Praktiker aus 25 Ländern, Wirtschaftskontakte in Forschung und Lehre. Und das alles in direkter Nachbarschaft zu den Europäischen Institutionen, zum Finanzplatz Luxemburg und zum attraktiven Arbeitsmarkt Luxemburg.

Unsere Fakultäten:

-  Fakultät für Naturwissenschaften, Technologie und Kommunikation
-  Fakultät für Rechts-, Wirtschafts- und Finanzwissenschaften
-  Fakultät für Sprachwissenschaften und Literatur, Geisteswissenschaften, Kunst und Erziehungswissenschaften

Studienberatung: seve.infos@uni.lu

www.facebook.com/uni.lu

www.uni.lu

D’ALEM vertritt Lëtzebuerg um March Meeting vun der IFMSA zu Baltimore an zu Washington

D’IFMSA (International Federation of Medical Students’ Association) weltwäit déi gréissten Studentenorganisatioun, déi virun 60 Joer vun Medezinsstudenten gegrënnt ginn ass an wou och d’ALEM (Association des étudiants en Médecine) seit 2007 Member ass. D’IFMSA zielt iwwert 1,2 Milliounen Memberen aus 108 verschidde Länner vun sechs Kontinenter. All Joer ginn et zwee grouss Meetings: den March Meeting an den August Meeting, déi zu deenen jeeweilegen Méint an ëmmer rëm verschidde Stied stattfannen. Dëst Joer war d’ALEM vertrueden duerch d’Caroline Limpach, den Ben Buchler an den Charel Gieres beim March Meeting zu Baltimore an zu Washington mat dobäi. Op dësem Meeting treffen sech all d’Präsidenten, National Officeren an och Memberen vun deenen eenzelnen nationalen Comitéen. Et gëtt vill iwwert déi global

Gesondheet an der Welt geschwat, Hëllefsproujeten (HIV-Virsuerg, Diabetesprophylax a méi) beschwat, Iddie gesammelt an déi neist WHO Richtlinnen zu bestëmmten Themen (Hygiène z.B.) virgestallt. Mee virun allem ass dëst Treffen och ëmmer en Zesummekommen vun international engagierten Studenten, déi hier Iddien austauschen wëllen, hier Meenung verrieden, déi duerchaus ganz ënnerschiddlech kenne sinn, vum dass mer wierklech vun Nordamerika iwwert Afrika, den Arabeschen Emiraten an Indonesien vill Nationen vertrueden hunn. Et ginn 5 grouss Aufgabeberäicher ëm déi sech d’IFMSA këmmert. 'Public health', 'Professional Exchange', 'National Exchange', 'Human Rights and Peace' an 'Reproductive Health including AIDS'. Vun all deenen ginn et ëmmer Comitéen (Stan-

ding Committee of Public Health, Standing Committee of Professional Exchange, etc.) déi sech dann ëm déi Projeten aus dem Beräich këmmern. Um March Meeting hunn sech dann all moies d’Standing Committeeen getrafft an Nomëttes konnt een sech fir Workshopen fräiwëllig aschreiw. Bei deene war Thematik ganz variabel: vun Presentation skills iwwert 'hiring sponsors' bis 'resolving conflicts' war fir jiddereen eppes dobäi. An den Diskussiounen iwwert den Medezinstudium sinn interessanterweis weltwäit déi nämleche Problemer identifizéiert ginn, déi mir Lëtzebuerger och gutt kennen: -Oft ginn et ze vill Leit déi Medezin Wellen studéieren par Rapport zu den Platzen. -Nom Studium ass et net sou einfach fir dat villt theoretescht Wëssen dann praktesch ëmzesetzen.

Drëttlänner bewisen, datt et een och IFMSA Meetings sinn ëmmer rëm eng gutt Geleeënheet fir Leit aus allen Länner kennen léieren. Op der National Food and Drinking Party hunn d’Caroline, den Ben an den Charel probéiert den Leit Lëtzebuerg méi no ze bréngen. All Land hat op där Party en Stand, op deenen et d’Spezialitéiten vum Land ze schmaachen gouf. Mir hunn Kachkéis, Wäisswain, Hunnegdrëpp zum beschten ginn. Beim Kachkéis waren di meescht en bëssen skeptesch, mais nodeems mer erklärt haten, wat et ass, hunn se probéiert an waren oft ganz iwwerzeegt. Wat den Owend méi spët ginn ass, wat d’Hunnegdrëpp ëmmer méi séier fort war :) Op dem Owend sinn souguer richteg Lëtzebuerg Fans, wei een gutt um Eva aus Slowenien erkennen kann.

Den Meeting huet nëmmen eng knapps Woch gedauert, mee mir hunn immens vill erlieft. Den leschten Owend fält et schwéier seng nei Kollegen rëm goen ze loossen. Mais vläit gesäit en sech jo um March Meeting 2014 an Tunesien !

Caroline Limpach an Charles Gieres fir d’Alem (Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine)



Et goufen immens interessant Virtrëg vun Dokteren, Studenten an souguer Beamten, déi sech fir en besseren Gesondheetssystem asetzen. Aus der Mass erausgestach hunn d’Explikatiounen vum Rashad Massoud (Director USAID Applying Science to Strengthen an Improve Systems Project). Hien ass an Palästina gebuer, huet an Russland studéiert an schafft lo fir eng amerikanesch Hëlleforganisatioun. Matt Etuden konnt hien nowiesen, datt d’Qualitéit vun engem Gesondheetssystem net onbedéngt vun den Käschten ofhänkt. den Rashad Massoud huet Kliniken an den USA verglach an huet erausfonnt: An schlecht organisierten Kliniken kann een fënnf mol méi fir sän Traitement bezuelen wei an enger gutt organisierter an trotzdem fënnf mol méi oft verstierwen. Onvirstellbar ! Seng Hëlleforganisatioun huet och schonn an



Doktoranteninterview
Bob Schroeder



INSTITUT
Imperial College London

TITEL
New thiophene based semiconducting materials for applications in plastic electronics

DOKTORVATER
Prof Iain McCulloch

Bob Schroeder, 28, wollte als Kind Formel 1-Pilot oder Fußballprofi werden. U.a. ein guter Chemielehrer im Wiltzer Gymnasium bereitete dann jedoch den Weg für ein Studium der Chemie in Brüssel. Im Rahmen seines Master-Abschlusses machte er ein Praktikum am Imperial College in London, wo er seinen heutigen Doktorvater kennenlernte – bei dem er gerade seine Doktorarbeit abschließt.

FNR: Bob Schroeder, Sie schließen gerade ihre Chemie-Doktorarbeit am Imperial College in London ab. Über was forschen Sie genau?

B.S.: Ich arbeite an halbleitenden Polymeren, also Kunststoffen, mit denen wir Solarzellen und Transistoren herstellen. Diese Transistoren sollen z.B. in Flachbildschirmen oder Displays von Smartphones eingesetzt werden.

FNR: Wozu dienen die Kunststoffe, die Sie herstellen, genau?

B.S.: Bisher kommt bei Solarzellen und Transistoren oft teures kristallines Silizium zum Einsatz. Unser flexibler Kunststoff soll diesen ersetzen. Wir wollen die Produktion billiger machen und vereinfachen, indem wir unsere Kunststoffe mit Druckern auftragen.

FNR: Wie kann man sich das vorstellen?

B.S.: Wir vermischen unseren Kunststoff mit Lösungsmitteln und anderen Zusatzstoffen, um die gewünschte Konsistenz zu erhalten. Dieses Gemisch füllen wir in Druckerpatronen und tragen es dann auf Plastik- oder Glasplatten mit lichtdurchlässigen Elektroden auf. Im täglichen Laborbetrieb benutzen wir aber eine weniger aufwendige Methode, die an einen Plattenspieler erinnert. Wir lassen die Glasplatte im Kreis drehen und tropfen die Polymertinte auf die kreisende Platte.

FNR: Dabei wird doch dann ein Großteil der Tinte weggeschleudert?

B.S. Genau. Aber das ist auch gewollt. Denn zurück bleibt dann eine dünne Schicht von ungefähr 100 Nanometern – genau das was wir brauchen. Schließlich fügen wir noch eine Aluminium- oder Kalzium-Elektrode obendrauf, und fertig ist unsere Solarzelle.

FNR: Wie gut funktionieren ihre Solarzellen bisher?

B.S.: Sie funktionieren noch nicht so gut wie solche mit kristallinem Silizium. Aber sie sind billiger. Und wir sind ständig dabei, sie zu optimieren. Sobald ein Kunststoff fertig ist, wird dieser getestet, um festzustellen, wieviel Energie die Solarzelle produziert. Diese Tests liefern uns wichtige Hinweise, um den Kunststoff zu verbessern. Dann stellen wir einen Neuen her und führen weitere Tests durch, bis wir die gewünschte Leistung mit unserer Solarzelle erzielen.

FNR: Wieviele Forscher arbeiten bei Ihnen im Team?

B.S.: Momentan arbeiten ungefähr 20 Postdocs und Doktoranden in unserem Labor. Pro Woche können wir so 4-5 neue Kunststoffe herstellen und jeweils in 16 Solarzellen bzw. Transistoren testen.

FNR: Und weshalb forschen Sie sowohl an Transistoren als auch an Solarzellen?

B.S.: Weil das Prinzip ähnlich ist. In beiden Fällen geht es uns darum, kristallines Silizium als Halbleiter durch Kunststoffe zu

ersetzen. Erst vor kurzem wurde ein 56-Zoll HD-Flachbildschirm vorgestellt, wo das Display ausschließlich mit Kunststoffen gedruckt wurde. Für die Industrie ist unsere Arbeit also von großem Interesse. Daher wird unser Labor auch von Großkonzernen aus der Chemie und Elektronik mitfinanziert.

FNR: Und wie geht es jetzt nach Ihrer Doktorarbeit weiter?

B.S.: Bisher wurde mein Doktorat vom Fonds National de la Recherche (FNR) finanziert. Nach meinem Abschluss werde ich ein halbes Jahr weiter an diesem Projekt arbeiten, finanziert vom Engineering and Physical Sciences Research Council (EPSRC). Nächstes Jahr beginne ich dann ein Postdoc in Stanford, wo ich an selbstheilenden Kunststoffen forschen werde.

FNR: Selbstheilende Kunststoffe?


B.S.: Ja. Man muss sich diese Kunststoffe als weder ganz fest noch ganz flüssig vorstellen. Wenn ein Riss entsteht, kann der Kunststoff sich selbst heilen, indem er sich wie eine Flüssigkeit verhält und den Riss, also das entstandene Loch, auffüllt.

FNR: Wollen Sie dies dann auch auf Solarzellen und Transistoren anwenden?

B.S.: Wenn möglich ja. Zuerst braucht es aber noch viel Forschung, bis wir soweit sind. Aber es wäre interessant, wenn Displays von Handys, die öfter mal hinunter fallen, oder Solarzellen auf Dächern, die z.B. Hagel ausgesetzt sind, sich selber heilen könnten. Außerdem könnte man so z.B. auch künstliche Haut herstellen.

FNR: Für Brandopfer?

B.S.: Genau. Japanischen Forschern gelang es vor kurzem, eine künstliche Haut aus Kunststoff herzustellen. Problem nur: Geht sie kaputt, bleibt sie kaputt. Mit selbstheilendem Kunststoff könnte die künstliche Haut sich wie Natürliche regenerieren.



Interested in an AFR grant? Check eligibility conditions and deadlines for forthcoming calls. Go and see what's behind on www.fnr.lu/afrr

Research = training + perspective
See what's behind.

Supporting researchers in their **doctoral and postdoctoral** training in Luxembourg and abroad is of central interest for the National Research Fund (FNR). Through the **AFR Funding Scheme** (Aides à la Formation-Recherche), the FNR contributes to the improvement of the researchers' training conditions and enhances their career development. The AFR scheme promotes work contracts between AFR beneficiaries and their host institutions as well as public-private partnerships.

Interested in an AFR grant? **Check eligibility conditions and deadlines for forthcoming calls.** Go and see what's behind on www.fnr.lu/afrr

AFR
FUNDING SCHEME
FOR PHDS AND POSTDOCS
(AIDES À LA FORMATION-RECHERCHE)



 Fonds National de la
Recherche Luxembourg
INVESTIGATING FUTURE CHALLENGES

Testen an Neuseeland



Dëst Joer hat ech d'Chance fir kënnen dem europäeschem Wanter ze entkommen an an de neuseelännesche Summer ze flüchten. Ech sinn Doktorand op der Ludwig-Maximilian-Universität zu München a promovéieren am Beräich vun der Pharmazeutischer Technologie.

A mengem Projet geet et an éischer Linn drëm en System aus Lipider ze entwéckelen, den Impfstoffer oder aner Wirkstoff iwwert en längeren Zäitraum fräisetzt. Et ginn och lo schonn eng Rei Systemer dee Medikamenter iwwert Méint oder Joere fräisetzen, des mussen awer gréisstendeels dono erëm chirurgesch erausgeholl ginn. Lipider sinn dofir eng Interessant Alternative well se Biokompatibel a gläichzäiteg Bioofbaubar sinn an dofir net mussen erausoperéiert ginn nodeems se all de Wirkstoff fräigesat hunn.

Mäin Projet ass eng Collaboratioun mat der „School of Pharmacy“ zu Dunedin an Neuseeland.

Nodeems ech also meng Lipid Implantater zu München hiergestallt hunn, sinn ech fir 3 Méint an Neuseeland geflu fir se do an engem liewege Modell ze testen. D'Aarbechtsgrupp an Neuseeland huet dat neidescht immunologesch Wesse fir des Versich kënnen ze maachen.

No enger gefilterter onendlech laanger Urees sinn ech dunno no méi wie 40 Stonnen ënnerwee endlech zu Dunedin gelant. Schon aus dem Flieger konnt ech déi onglaublich gréng Landschaft bewonneren. Dunedin (Otepoti op Maori) läit op der Südinsel an as déi zweet gréisste Stad op der Südinsel.

Wann e gären d'Natur genéisst dann ass Neuseeland genau déi richteg Destinatioun, Stadmänschen, déi gären an enger Groussstad liewen, ginn an Neuseeland net glécklech, ofgesi vu Wellington an Auckland op der Nordinsel, ginn et net wierklech vill grouss Sied. Neuseeland huet eng ganz aussergewöhnlech Flora a Fauna, well sech opgrond vun der Isolatioun en eenzegaarteg Ökosystem entwéckelt huet. Virun allem bekannt ass wuel de Kiwi, en Villchen den Nuets aktiv ass an net fléie kann, leider hat ech net d'Chance en ze gesinn.

Am Géigesaz dozou gesäit en Schof méi wie genuch, Gerüchter lafen dass et an Neuseeland 3 mol esou vill Schof gi wéi Awunner.

Mee ganz ofgesi vun der aussergewöhnlecher Natur ass och d'Liewen an Neuseeland e bëssi anescht wei en dat aus Europa kennt. D'Leit si ganz entspaant an hëllefsbereet, an lafen och mol gären ouni Schong duerch d'Stroossen. Wann also iergendwou e Schëld hänkt et dierft en hei net ouni Schung eran dann muss een sech net weider vill Froe stelle wann en dat bis weess. Och vum lessen hier ass et e bëssi anescht an Neuseeland, eng Spezialitéit ass zum Beispill „Pavlova“, en ganz séissen Des-

sert. Och muss en sech net wonnere wann e kee „normaalt“ Brout am Supermarché fënnt mee dofir 30 verschidden Zorten Toasten.

D'Liewen op der Uni ass och anescht wei ech dat aus Däitschland kennen. D'Studente kommen aus aller Welt, zudeem sinn ongeféier 1 Drëttel vun den Awunner aus Dunedin Studenten. Wéi een sech ka virstellen ass also ëmmer vill lass an der Stad, virun allem awer wann d'„Highlanders“ spillen, d'Rugby Team aus Dunedin.

Während menger Zäit an Neuseeland hunn ech ganz vill nei Leit kennegeléiert an hunn och fachlech vill bäigeléiert. Meng Versich waren en Erfolleg an an engem nächste Schrëtt versichen ech elo en Wirkstoff a meng Implantater anzuschaffen den Tumor Zelle bekämpfe soll an hoffen dass ech dann nach eng Kéier dierf an Neuseeland fléie fir och dëst do ze testen.

Marie-Paule Even



TOI, TES TALENTS, TA VIE ACTIVE.

C'EST POUR TOUT ÇA QUE NOUS SOUHAITONS TE RECRUTER.

Tu viens de terminer tes études secondaires ou universitaires ?
La SPUERKEESS te félicite sincèrement d'avoir franchi ce pas important dans ta vie.

Envie de débiter une vie professionnelle dans une banque luxembourgeoise avec plein d'opportunités de carrière ?

MY LITTLE BIG STEP.LU

SPUERKEESS
Äert Liewen. Är Bank.

RETROUVE-NOUS SUR

Luxemburger Studenten in Düsseldorf - LSD

LSD - Hinter diesem vielsagenden Kürzel verstecken sich die Luxemburger Studenten Düsseldorf.

Unsere Studentenverbindung wurde erst kürzlich gegründet, trotzdem haben sich schon 30 Mitglieder zusammengefunden. Unseren Einstand in die Familie der Studentenverbindungen hatten wir auf dem diesjährigen „ACEL Studentebal“.

Auch wenn wir erst 30 Mitglieder zählen und noch recht unbekannt sind, haben wir große Pläne: den Erfolg des „Studentebal“ wollen wir nächstes Jahr toppen, wir wollen Sponsoren finden, eigene Events; wie zum Beispiel ein Volleyballturnier eine Kneipentour und eine eigene Party auf die Beine stellen. Wir pflegen regen Kontakt mit anderen Studentenverbindungen um gemeinsame Aktivitäten zu organisieren. Am wichtigsten ist es uns jedoch, den Luxemburgern, Düsseldorf als Studentenstadt näherzubringen. Wir stehen den Erstsemestern auf unserer Facebookseite mit Rat und Tat zur Seite und werden dieses Jahr auch zum ersten Mal auf der „Foire de l'Étudiant“ vertreten sein.

Was hat LSD zu bieten?

Nun ja, bis jetzt haben wir ein wöchentliches Treffen in der Altstadt organisiert, waren gemeinsam an den See grillen, haben an einer „Pubrallye“ der Luxemburger Studenten in Köln teilgenommen, sowie an der Düsseldorfer Clubnacht (Eine Nacht, 15 Clubs).

Studieren in Düsseldorf

Die Heinrich-Heine-Universität Düsseldorf ist 1965 aus einer medizinischen Akademie hervorgegangen und besteht seit 1993 aus fünf Fakultäten. Im Wintersemester 2011/12 waren 20.515 Studierende – die meisten in den Studiengängen Medizin (2.743), Biologie (1.686) und Germanistik (1.507) – eingeschrieben. Die Universität verfügt über gute Verkehrsverbindungen und ist leicht mit öffentlichen Verkehrsmitteln zu erreichen.

Wirtschaftswissenschaften

Die wirtschaftswissenschaftliche Fakultät wurde drei Jahre nach Aufnahme ihres Vorlesungsbetriebs im Frühjahr 1992 als vierte Fakultät offiziell gegründet. Im bundesweiten Vergleich ist die Fakultät somit eine der jüngsten ihrer Art. Die Wirtschaftswissenschaftliche Fakultät erhielt 2010 auf der Grundlage einer Spende des Ehrensensors der Universität Schwarzschild mit dem „Oeconomicum“ ein separates Gebäude. Dessen herausragende architektonische Gestalt bildet ein ausgesprochenes Wahrzeichen der Universität. Gleichzeitig hat die Fakultät eine volkswirtschaftliche Abteilung gegründet, die sich in Forschung und Lehre insbesondere mit Fragen der Wettbewerbsökonomie befasst.

Medizin

Die für Medizinische Fakultäten charakteris-



tische Verbindung von Forschung, Lehre und Patientenversorgung wird an der Heinrich-Heine-Universität durch die außergewöhnliche räumliche Verbindung von Universität und Klinik verstärkt: Beide Campus-Bereiche schließen sich unmittelbar aneinander an. Die Medizinische Fakultät umfasst die Fächer Medizin und Zahnmedizin.

Geistes-, Kultur- und Sozialwissenschaften

Die Philosophische Fakultät ist die Fakultät für Geistes-, Kultur- und Sozialwissenschaften an der HHU. Sie umfasst 13 Institute und bietet rund 25 verschiedene Studiengänge mit den Abschlüssen Bachelor of Arts (B.A.), Master of Arts (M.A.) sowie die Promotion (Dr. phil.) an. Mit mehr als 7900 Studierenden stellt die Philosophische Fakultät die größte Fakultät der Universität dar.

Mathematik und Naturwissenschaften

Die Mathematisch-Naturwissenschaftliche Fakultät besteht aus den Fächern Biologie, Chemie, Informatik, Mathematik, Pharmazie, Physik, und Psychologie.

Recht

Die Juristische Fakultät der HHU ist 1993 als bislang jüngste Fakultät der HHU gegründet worden (Vorlesungsbetrieb ab 1994). Die Juristische Fakultät ist in der Lehre primär mit der Gewährleistung des juristischen Studiums befasst, das mit der „Ersten juristischen Prüfung“ abschließt. Diese wird zu einem Teil vor der Fakultät selbst, ansonsten vor einem der den Oberlandesgerichten Düsseldorf,

Hamm und Köln angegliederten Justizprüfungsämter abgelegt. Im Rahmen des aktuellen CHE-Rankings wird die Studiensituation an der Juristischen Fakultät von den Studierenden für überdurchschnittlich gut befunden. Im Rahmen des Kernstudiums bietet die Fakultät einen integrierten deutsch-französischen Studienkurs in Kooperation mit der Universität Cergy-Pontoise bei Paris sowie ein Begleitstudium im anglo-amerikanischen Recht an.

In der Forschung stehen an der Fakultät insbesondere das Wirtschaftsrecht und das Europäische und Internationale Recht im Vordergrund. Diese juristischen Spezialdisziplinen sind auch als Entwicklungsbereiche ausgewiesen. Die Fakultät verfügt über Forschungszentren und -institute insbesondere in den Feldern Gewerblicher Rechtsschutz, Informationsrecht, Medizinrecht, Unternehmensrecht und Versicherungsrecht. Der Fakultät assoziiert ist das als zentrales Institut geführte Institut für Deutsches und Europäisches Parteienrecht und Parteienforschung.

Neben der Heinrich-Heine-Universität verfügt Düsseldorf noch über zahlreiche Hochschulen, bekannt sind vor allem die Robert-Schumann-Hochschule (Musik) und die Mediadesign (Medien und Design).

Leben in Düsseldorf

Düsseldorf ist die Landeshauptstadt und mit ungefähr 600.000 Einwohnern nach Köln die zweitgrößte Stadt des Landes Nordrhein-Westfalen.

Düsseldorf bietet jedem das gewisse Extra: ob man nun über die KÖ flanieren und die „Schönen und Reichen“ beim Geld verprassen beobachten möchte, oder lieber auf Flohmärkten stöbert, Düsseldorf bietet von allem etwas. Bekannt ist die Stadt auch für ihren Fußballverein, Fortuna Düsseldorf, die Altstadt und den Karneval. Es gibt zahlreiche Museen, Theater, Parks und Schlösser zu besichtigen.


Desweiteren gibt es ein Japanisches Viertel und im Sommer lockt die Rhein-Ufer-Promenade mit ihren zahlreichen Terrassen. Berühmt-berühmt ist die „Längste Theke der Welt“, diese muss man einfach gesehen haben. Düsseldorf besticht mit seinem besonderen Charme und versprüht sein eigenes Flair.

Schlussplädoyer

Wir heißen alle neuen Studenten in unserer kleinen aber feinen Gruppe herzlich Willkommen und hoffen, dass wir unserem Namen gerecht werden: Düsseldorf wird euer Bewusstsein erweitern.

Aber keine Angst, eine solch wunderbare Stadt hat es nicht nötig sich halluzinogener Mittel zu bedienen.

Fir den LSD - Laurent Reisdorff





Ech a mäi Studium!

D'ACEL, zesummen matt hirem Partner der Spuerkees, sicht kreativ Studenten déi hirem Studium presentéieren. Der Kreativitéit sinn keng Grenzen gesat: eng Fotostory, e Film, e Podcast, en Text, oder alles zesummen! Deadline fir Porjeten ass den 6. Dezember. Schéck dän Projet per Mail un den ACEL Comité schécken (contact@acel.lu)

Bis den 20. Dezember kënnen d'Leit dobaussen dann ofstëmmen wéieen Projet hinnen am beschte gefällt.

Ze gewonnen gët et natierlech och eppes: Dee beschte Projet gëtt matt enger GoPro Kamera belount an och d'Ofstëmmen gëtt belount.

Méi Informatiounen gëtt et um ACEL Stand op der Foire de l'étudiant an beim ACEL Comité iwwer contact@acel.lu.

Top 10 Unistied

- | | | |
|-----|-------------|------|
| 1. | Lëtzebuerg | 3264 |
| 2. | Bréissel | 1220 |
| 3. | Strossbuerg | 542 |
| 4. | Tréier | 539 |
| 5. | Paräis | 474 |
| 6. | Nei Léiwen | 399 |
| 7. | Léck | 389 |
| 8. | London | 307 |
| 9. | Oochen | 306 |
| 10. | Innsbruck | 259 |

rosedeclaire.lu



EVA
ENVIRONNEMENT ET
AGRO-BIOTECHNOLOGIES



ISC
INFORMATIQUE, SYSTEMES
ET COLLABORATION



SAM
SCIENCE ET ANALYSE
DES MATERIAUX



CRP - GABRIEL LIPPMANN
41, rue du Brill - L-4422 BELVAUX
tél. (352) 47 02 61-1
fax (352) 47 02 64

CRP - GABRIEL LIPPMANN

TROIS DÉPARTEMENTS
AU SERVICE DE VOTRE INNOVATION

Akteur majeur de la recherche scientifique et du transfert de technologie au Luxembourg, le CRP-Gabriel Lippmann met à votre service ses compétences de haut niveau et ses technologies de pointe.



Impressum

ZOOM 1200mm

D'Studentenzeitung gëtt erausgi vun der ACEL a.s.b.l. (Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois)

R.C.S. Luxembourg F969

ADRESSE POSTALE
ACEL
B.P. 63
L-7201 Bereldange
Tél.: (+352) 691 42 05 38-39-40

www.acel.lu
contact@acel.lu

ÉDITEUR
Jil Welter

REDAKTION
ACEL Comité, ALEM, ANESEC, Fond national de la recherche, Individuum, LSD, LSRM, Marie-Paule Even, REEL Comité,

Fir Form an Inhalt vun den Artikelen ass eleng den Auteur verantwortlech.

D'ACEL seet all de Leit déi un d'äser Editioun matgeschafft hunn e grouse **Merci!**

OPLAG
30000 Exemplairen

LAYOUT & ILLUSTRATION
Melanie Elsen, Jil Welter

PUBLICITÉIT
Espace Regie
54, rue Emile Mark
L-4620 Differdange